LYCÉE
MICHEL-RODANGE
LUXEMBOURG

DIGITAL CHARTA

1. GENERELL

1.1 Ech schreiwen, posten a deelen näischt, wat anerer kéint verletzen - keng Beleidegungen, keng Frechheeten, kee Cybermobbing.
1.2 Ech späicheren oder verbreede keng Dateien (Dokumenter, Biller, Videoen, ...), déi géint Reglementer vun der Schoul oder Gesetzer verstoussen.
1.3 Ech gi keng Dateien (Dokumenter, Biller, Videoen, ...) weider, fir déi ech keng Rechter hunn.
1.4 Ech benotze keng onpassend Sprooch an E-Mails, Posts, Chats etc.
1.5 Ech hale meng Passwierder geheim a probéieren net, engem anere säi Passwuert ze kréien. Ech benotze kee frieme Kont/Sessioun, ouni ausdrécklech Erlabnis am Viraus, a keng falsch Identitéit.
1.6 Fir d'Deele vu Schoul-Material benotzen ech nëmmen déi Plattformen, déi vun der Schoul virgesi sinn (z.B. OneDrive oder iCloud).
1.7 Ech maache keng Opnamen (Foto/Audio/Video) vu Persounen (Schüler, Enseignanten, Schoulpersonal, ...), ouni hier ausdrécklech Erlabnis am Viraus.
1.8 Ech maache keng Foto vun der Tafel ouni déi ausdrécklech Erlabnis vum Enseignant am Viraus.
1.9 Ech gi reegelméisseg den offiziellen Teamskanal vun der Schoul liesen a ruffe reegelméisseg meng Mailbox vun der Schoul op.
1.10 Ech kenne meng Logins a Passwierder, déi ech fir d'Schoul brauch.
1.11 Ech si mir bewosst, dass Verstéiss géint des Charta pedagogesch Konsequenzen hunn an – wou ubruecht – och rechtlecher.

2. HANDY A SMARTWATCH AN DER SCHOUL

2.1 Wärend de Coursen ass mäin Handy komplett ausgeschalt (net Fluchmodus) a läit an der Handygarage.
2.2 Beim Verloosse vum Sall (Raumwiessel oder Paus) huelen ech mäin Handy mat an der Täsch oder am Schoulsak; e kuerze Bléck op WebUntis ass erlaabt.
2.3 Ech benotzen den Handy net am Schoulgebai. Fir ze telephonéieren, sozial Medien, etc. muss ech d'Gebai verloossen. An der Schwämm an am Forum respektéieren ech hier speziell Reegelen.
2.4 Smartwatchen däerfen nëmme fir d'Auerzäit benotzt ginn; all aner Funktioune sinn ausgeschalt.

3. SCHOULGERÄTER (IPAD, PC, LAPTOP)

3.1 Ech benotzen am Cours kee Gerät, dat net vun der Schoul geréiert gëtt.
3.2 Ech schalte mäi Gerät am Cours nëmmen an, wann ech d'Erlabnis vu mengem Enseignant hunn.
3.3 Ech schalte mäi Gerät op "stomm" an desaktivéieren och all Notifikatiounen, fir net ofgelenkt ze ginn.
3.4 Ech benotze mäi Gerät ausschliisslech fir déi Aufgaben, déi vu mengem Enseignant virgesi sinn.
3.5 Mäin Enseignant huet d'Recht, op mäi Gerät ze kucken an et temporär ze spären.
3.6 Ech deelen, wann opgefuerdert, meng Dokumenter mam Enseignant, an ech akzeptéieren, dass den Enseignant se och ännere kann.
3.7 Ech benotze mäi Gerät a seng Accessoirë mat Suergfalt a manipuléieren si net.
3.8 Ech mellen direkt all Schued, Verloscht oder Déifstall vun informateschem Material.

IPAD (iClass, myDevice, one2one)

3.9 Mäin iPad a mäi Stëft si moies an der Schoul komplett opgelueden.
3.10 Ech si wärend dem Cours mat mengem iPad mam WLAN-Netz "LMRL-one2one" verbonnen.
3.11 Ech si bei mengem iPad mat menger Apple-ID vun der Schoul ugemellt.